# Walprogramm 2023

## I. Kultur, Schoul a Sport

**Conservatoire du Nord:** Mir setzen eis fir modern Infrastrukture fir déi musikalesch Ausbildung zu Dikrich an a wëllen dofir de Site an der Spidolsstrooss bei der neier Maison relais préiwe loossen. Dëse Site soll och kënnen - wann néideg - fir aner Bildungszwecker genotzt ginn, fir déi Plaz optimal auszelaaschten.

**Sports-Coordinateur:** Mir wëllen e professionelle Coordinateur, deen déi sportlech Akteuren an hiren Aktivitéiten ënnerstëtzt a sech ëm d'Verdeelung vun den Sportinfrastukturen bekëmmert. Doriwwer eraus sollt dëse Coordinateur déi verschidden Akteuren am Fräizäitberäich matenee vernetzen, fir d'Kommunikatioun iwwer hiert Schaffen ze verbesseren an esou dat gesellschaftlecht Mateneen an déi interkulturell Zesummenaarbecht ze stäerken.

**Ausbau vun der Schoul**: D'Zentralschoul zu Dikrich ass relativ ausgelaascht. Mir setzen eis fir de Bau vun engem zousätzleche Schoulgebai an.

D'**Sportsinfrastrukturen** (d'Sportshal an d'Piscine) mussen erneiert, diversifizéiert an ausgebaut ginn. D'Infrastrukture musse fir jiddereen accessibel ginn. Mir ënnerstëtzen all Efforten, fir d'Offer am Intérêt vun all Bierger auszebauen. Mir engagéieren eis och fir en neie Standuert fir eng modern Schwämm.

D'**Jugendaarbecht vun de Veräiner weider fërderen**: Mir engagéieren eis fir eng gerecht a geziilt Ënnerstëtzung vun de Clibb an hirer wichteger Jugendaarbecht.

**Vakanzenjobs fir Jonker**: Mir setzen eis fir eng efficace Vermëttlung vu Vakanzenjobs fir eis Jugendlech an de lokale Betriber an.

**Schafe vun enger Plaz gewidmet fir Sproochen a multikulturellen Austausch tëscht Matbierger**: Mir wëllen och eng eegen Plaz schafen, wou eis Matbierger eng nei Sprooch treffen, austauschen an praktizéieren.

**Kannerbibliothéik ariichten**: Mir wärten eng allgemeng Plaz schaafen, wou Kanner mat hieren Elteren sech begéinen an austausche kënnen, egal wou si hirkommen a wat hir Mammesprooch ass.

D'**Spillplaze** méi attraktiv, naturverbonnen an inklusiv gestalten:

- Fitnessgeräter fir déi Erwuesse mat abannen
- Schaukele fir Rollstullfuerer
- Agreabel Roubänke fir Elteren a Senioren
- Gréngplazen am Sënn vu méi Biodiversitéit

## II. Wunnstroossen, Kierfent a Schantercher

**D'Kommunikatioun iwwer d'Schantercher verbesseren**: Op allen Ecken an Enner vun Dikrich sinn de Moment gréisser oder méi kleng Chantieren. Mir verlaangen an Zunkft eng besser Informatioun an eng méi kloer Beschëlderung ronderëm aktuell an kommend Chantieren, fir datt d'Leit sech besser erëmfannen.

**De Kierfent reamenagéieren / E Bëschkierfent um Niveau vun der Nordstad:** Mir bestinn dorobber, datt Gréngplazen a méi Bänken op de Kierfent kommen. Et feele besonnesch Sëtzméiglechkeete fir eis eeler a behënnert Leit. Mir wëllen och méi Gréngs op de Kierfent. Dat ass schéin, mécht Schied an ass gutt fir d'Biodiversitéit. Doriwwer eraus ënnerstëtze mir d'Schafe vun engem Bëschkierfent um Niveau vun der Nordstad.

**Erneierung vun enger Rei vu Wunnstroossen** (Rue Vannerus, Promenade de la Sûre, etc.), Reamenagement vum Parking beim ale *Scala*, etc.

## III. Wunnen, Ëmwelt an Aarbecht

**Bezuelbar Wunnengen**: Mir brauche méi Wunnraum fir Mënschen, déi sech keng Wunneng um normale Maart leeschte kënnen. D'Ustrengunge vun der Gemeng am Kader vum bezuelbare Wunnraum ausbauen (Loune vun eelere Wunnengen, déi d'Gemeng da weider verlount).

**Manner Trafic an de Wunnquartieren**: Mir setzen eis dofir an, datt verschidde Plazen an Dikrich net méi als Ofkierzung oder als Rennstreck fir den Autostrafic benotzt ginn. Mir wëllen dofir z.B. de Prinzip vum *Trottoir traversant* (wéi an der Palaststrooss) op anere Plazen ëmsetzen.

**Méi Gréngs an Dikrich**: Mir wëllen de Stadklima an de Wunnquartieren duerch méi Begréngung verbesseren, z.B. op den Diecher oder op den ëffentleche Plazen. Dat ass gutt fir d'A, fir eis Ëmwelt a fir d'Reduzéierung vun den Temperaturen am Summer.

**Déi energeetesch Sanéierung vun de Gemengegebaier verbesseren a Photovoltaïk fërderen:** Op de Gemengebaier mussen - wa méiglech - Solaranlagen installéiert ginn.

**Planzen amplaz Schlaken:** Am Sënn vu méi Biodiversitéit wäerte mir reusséiert an innovativ gréng Gäert a gréng Virgäertercher auszeechnen a finanziell ënnerstëtzen.

***WildFlowers***: Fir d'Biodiversitéit musse kuerz geméinte Wise laanscht d'Weeër an a Rond-Pointen duerch Gréngs ewéi Wëllblummen ersat ginn.

**Ateliere fir Reparaturen**: Mir proposéieren eng Plaz ("Repair Café"), wou d'Leit, déi selwer kee Geschier hunn, kënne mat aner Leit zesumme Saache reparéieren.

# IV. Mobilitéit

**E séchere Schoulwee**: Egal ob zu Fouss, mam Velo oder mat der Trottinette: Mir wëlle sécher Schoulweeër fir all eis Kanner. Dozou gehéieren iwwersiichtlech a gutt beliichten Trottoiren a reegelméisseg Opkläerungscampagnen.

Un der **Parkingssituatioun** muss geschafft ginn. D'Parkplaze mussen nei agezeechent ginn (besonnesch an der rue Vannerus). Mir begréissen dat geplangte Parkhaus bei der Gare an préiwen de Bau vun engem zousätzlechen Parkhaus vir d'Dikricher Awunner beim *Scala*.

D'**Mobilitéitsfroen** op de Leescht huelen / Déi schon ausgeschaffte **Konzepter** am Kader vun engem **Verkéiersentwécklungsplang** endlech ëmsetzen:

- Vëlos- an Autosverkéier openeen ofstëmme fir méi Sécherheet – Prioritéit fir d'Foussgänger a fir d'Cyclisten – zemol an de Wunnstroossen (douce Mobilitéit)
- Eng Bilanz vum *Louis*-Bus zéien, fir de Service ze verbesseren. De *Louis-Express* op d'Dikricher Gare an an d'Akerbauschoul fuere loossen an zu de Spëtzenzäite verstäerken.
- Zousätzlech Vëlosparkplazen a Vëlosboxen amenagéieren.

**E Parkleitsystem aféieren**: D'Automobiliste musse besser gewuer ginn, wou Parkplaze fräi sinn. Dat vermeid kleng Stauen a spuert Zäit.

**EcoParking:** Bei neie Parkinge muss méiglechst op d'Versigelung vum Buedem verzicht ginn.

D'**Groussgaass** méi attraktiv gestalten: D'Foussgängerzon a besonnesch d'Liberatiounsplaz méi attraktiv fir d'Bierger a fir e gesonde Commerce gestalten (Neie Belag, neien kannerfrendlechen Mobiliar, Waasserspender, asw.).

**Méi vëlos- a foussgängerfrëndlech ginn**: Mir schloe kleng Reparatur-Statioune fir de Vëlo vir, z.B. laanscht d'Sauer. Mat enger Loftpompel a mat Geschier fir e Platten ze flécken. Et sollen och nei Park- a Wäschstatioune fir Vëloen a Waasserspender op ëffentlech Plaze kommen.

# V. Zesummeliewen a Liewensqualitéit

**Verbesserten Informatiounszougang an Transparenz an der Gemengepolitik:** Mir verlaangen, datt d'Reunioune vum Gemengerot iwwer Livestream an um Infokanal iwwerdroe  ginn. Dat suergt fir eng besser Informatioun vum Bierger a fir méi Transparenz an der Gemengepolitik.

Am Austausch mam Jugendhaus **eng flott Plaz fir Jonker** schafen:

- De Skatepark nei amenagéieren
- Geziilt Plaze fir Graffiti eraussichen

**Foyer de Jour fir Senioren**: Mir fuerderen ee Foyer, an deem eeler Leit, déi net méi esou mobil sinn, den Dag iwwer betreit ginn a sech kreativ begéine kënnen.

**Punktuell Noperschaftshëllef als Gemengenzerwiss ubidden:** Mir wëllen eeler Leit eng Hëllef ubidden, fir datt si esou laang ewéi méiglech kënnen doheem wunne bleiwen – präventiv Hausvisitten, Fërderung vu soziale Kontakter, Hëllef beim Ausfëlle vun administrativen Dokumenter a beim Akafen.

**Noperschafts-App "Hoplr"**: Hoplr ass eng Zort soziaalt Netzwierk, wou d'Leit mat hirer Noperschaft kommunikéieren. Och d'Gemeng, Veräiner a Betriber kënnen hei Informatioune publizéieren.

**Digital Hëllef:** Mir wäerten eng Plaz ubidden, wou eeler Leit gehollef kréien, fir an der digitaler Welt besser eens ze ginn (Coursen, Bierger hëllefe Bierger, Jonker ënnerstëtzen eeler Leit, …)

**Digital Schäffen:** Dat Digitaalt gëtt ëmmer méi wichteg a soll dofir an engem Ressort zesummegebonne ginn, fir dat ee Schäffe verantwortlech gëtt.

***E Centre médical* fir Dikrich**: Mir préiwe mat de lokalen Dokteren d'Schafe vun engem medezineschen Zentrum, dee gutt erreechbar ass an deen déi ambulant Versuergung an der Stad verbessert. Mir wëllen esou och nei Dokteren, virun allem Hausdokteren, unzéien.

# VI. Chancëgläichheet

**Dat neit *Accessibilitéits-Gesetz* séier a geziilt ëmsetzen:** Mir proposeiren eng allgemeng Bestandsopnahm ze machen an Problemer ze léisen. De Louis Bus muss vir Persounen am Rollstull accessibel gemach ginn, genau sou wei den Service Technique an verschidden Foussgengerbrecken an Dikrich.

**Opklärung a Participatioun:** Vill auslännesch Biergerinnen a Bierger wësse guer net, datt si d'Walrecht hunn. Si solle sech direkt bei der Umeldung am Biergerzenter an d'Walëschten aschreiwe kënnen

**Accès zur Informatioun fir jiddereen:** D'Informatioune vun der Gemeng musse fir alleguerten d'Leit zougänglech sinn: Op lëtzebuergesch, a *liichter Sprooch*, op Däitsch, Franséisch an op Englesch. Och den Internetsite vun der Gemeng muss fir jiddereen accessibel sinn.

**Fërderung vun de Fraen a vun der Diversitéit an eiser Gesellschaft:** Fir d'Chancëgläichheet tëscht Mann a Fra ze stäerken, muss d'Visibilitéit vu Fraen am ëffentleche Raum gestäerkt gëtt: Z.B. bei den Nimm vun neie Stroossen a Plazen.

**Bedeelegung vun den Awunner:** Eng lieweg Gemeng brauch eng staark Biergerbedeelegung, virun allem um politesche Plang. Duerch d'Abanne vun de Leit gewanne politesch Entscheedungen u Legitimitéit. D'Gemeng muss Plattformen ubidden, op deenen d'Leit sech austausche kënnen.

## VII. Interkommunal Zesummenaarbecht

**D'Kooperatioun tëscht de Gemengen am Kanton Dikrich verstäerken**: Mir setze weider op Synergien an de verschiddenste Beräicher: Mobilitéit, regionaalt Handwierk, Lokaler fir Startup-Firmen, bei käschtenintensiven Infrastrukturprojeten (Schwämmen, Erliefnispiscinen a Fräitzäitaktivitéiten, etc.), beim Akaf vun deiere Maschinnen, beim Plange vun grenziwwergräifende Wunnzonen, …

**Mir wëlle gemeinsam Bürosraimlechkeeten, *Coworking spaces*, ausbauen**, fir d'Wunnen an d'Schaffe méi no beieneen ze bréngen.

**Dezentraliséierung fërderen:** De Pol *Nordstad* als Géigegewiicht zur Stad an zu Esch/Uelzecht als administrativen a schouleschen Zenter stäerken an ausbauen.

**D'Fusioun vun alle Nordstad-Gemengen op ee Coup ass momentan keng Prioritéit.** Am Interessi vun de Bierger muss all méiglech Fusioun um Gebitt vun der Nordstad seriös virbereet an duerchduecht sinn.